



UNION CYCLISTE DIPPACH

ASSOCIATION SANS BUT LUCRATIF - FONDÉE EN 1935,
AFFILIÉE A LA FÉDÉRATION DU SPORT CYCLISTE LUXEMBOURGEOIS (F.S.C.L.)

Dippech, den 26. März 2020

Rapport vun der Vidéokonferenz vum Mëttwoch 25. März 2020.

Nom:	Ini.	Functioun:	Présent	Excusé(e)
GILLES Joël	GJ	Member	•	
GONCALVES Sandro	GS	Secretär	•	
HAAG Serge	HS	President	•	
HEIDERSCHIED Dan	HD	Member	•	
JUNGBLUTH Fredy	JF	Trésorier	•	
KEISER Claude	KC	Member	•	
MORANG Misch	MM	Member	•	
MORIS Laurence	ML	Member	•	
SPAUTZ Richard	SR	Vizepräsident		•
TREIS Laurent	TL	Member	•	

Start vun der Sëtzung: 18:05h

Den Ëmstänn no hunn de President an d'Memberen vum Comitée sech entscheed fir eng Vidéokonferenz op d'Been ze stellen fir kënnen e puer Punkten ze beschwätzen.

Et sinn folgend Punkten op d'Dagesuerdnung komm a beschwat ginn:

1. ANNULATIOUN VUN COURSEN - EVENTS

HS Wi der All wësst as bis op Weideres all sportlechen Event ofgesot ginn fir der Gesetzgebung no ze goen an/oder dëser ganz aussergewöhnlecher Lag Rechnung ze droen, d'Olympesch Spiller si jo och verluecht ginn an dësem Zesummenhang.

Et misst een an dëser schwéierer Zäit och op sech oppassen an di néideg Mesurë treffen fir datt ee gesond a monter sollt bleiwen.

D'Sponsoren an d'Participantë missten och all Bescheed kréien.

Eis Sponsoren sinn eis wichteg an et misst een an dësem Zesummenhang hinnen et och weisen datt dat esou ass. Eng Méiglechkeet fir dat an dëser schwiereger Zäit ze machen wär datt mer

Secrétaire/ Secretary:

Sandro GONCALVES

1, rue Albert Bosseler L-4977 Bettange/Mess

E-mail : sandro.goncalves@ucdippach.lu;- Mobile : (+352) 621 38 28 68

www.ucdippach.lu

hinnen en Avenant vum Kontrakt opstellen (an se informéieren per Bréif) an deem Sënn datt mer de Sponsoringvertrag ëm ee Joer einfach gratis verlängeren fir hinnen Rechnung ze droen. Den SG stëllt e Bréif op an deem Sënn an de FJ deelt him dann mat d'Informatiounen di e dofir brauch. Mat dëser Aktioun wéist eise Club sengen Sponsoren wi wichteg dës Bezéihung ass fir béid Säiten.

Mir missten als Club och villäicht iwwerleeën fir e mi klengt Event, esoubal et natiirlech méiglech ass, fir eis mi kleng Coureurë, z'organiséieren.

- ML** An dësem Zesammenhang wär et z.B. e Virschag eng Course fir eis Jeunes op d'Been ze stëllen um Site vun der Schoul an ëmgegend, während der Sommervakanz z.B., dëst Joer wäerten wéinst dëser Lag jo d'Léit secher anescht Vakanz verbrenge.
- HD** Eisen Internetsite as geupdate ginn mam offiziellen Schreiwes deen un d'FSCL eraus gang ass.
- TL** Sinn iergendwelch Acompten bezuelt ginn am Kader vun den Eventer di schons bestätegt waren? Falls jo wéi géif een domadden virgoen?
- HS** Maxtiming hat keng offiziell Zouso kritt an do ass och keen Acompte bezuelt ginn am Kader vum GPBJ, soss waren keng Acompten gefloss.

2. CX VUN DIPPECH

Generell Fro war, soll deen nach kënnen am Oktober stattfannen a falls net wéieng Méiglechkeet géif sech bidden. Dat steet a fällt mat der Gemeng Dippech. Dofir sollt en Telefonat geféiert ginn an eng Bestätegung vun dem Gespréich iwwer Bréiform eraus. Den **MM** hëllt sech der Tâche un fir d'Gemeng unzeruffen an de Bréif dann opzestellen.

3. INDOOR CYCLING

- HD** An dëser Form ass den Indoor cycling net méi ze droen, do mussen mer nei Iddien opbrenge fir e renouveau aus dësem Event ze machen, wéieng Alternativen hunn mer ?
- HS** Et kéint een z.B mat engem Partenariat organiséieren deen am Sportsberäich tätég wär, di géifen dann de Material an d'Gebailechkeeten, a mir géifen eis ëm den Organisatoreschen Volet këmmere mat enger Entrée an och d'Brochure.....
- JF** D'Gemeng huet vun de Propriétaire e provisoereschen Accord fir de Kaf vun de(r)Parzelle(n), d'Sponsoren di net konnten do sinn, do muss een sech bei deenen mëllen fir hinnen d'Uniform matzuehuelen, quid mat der Fidelisatioun vun eisen Memberen, ënnert der Form vun engem Bongenschäin z.B..
- MM** Ech kucken dat ech derhannert bleiwen.

4. FEIER FIR DE HENG AN DE LUSS

- HS** Ech hu mam Heng geschwat an natiirlech läit him um Häerz datt d'Profien vun eisem Club kéinten derbäi sinn, dofir musse mer kucken deen Event éventuell ausserhalb vun der Saison ze organiséieren.

5. DIVERS

RAPPORTE VUN DER VERSAMMLUNGEN:

D'Rapporte vun de Versammlungen sollen dann online gesat ginn esoubal dat méiglech ass. Den GS këmmert sech dorëms.

Ënn vun der Vidéokonferenz : 18:50h.